# YOUTHMAG

Le magazine pour le secteur de la jeunesse

ISSN : 2535-9029
printemps/été 2022 N°10



## JUGENDWUNNEN
De WG Projet, Arboria a méi...

## AM GESPRÉICH
Doheem raus - mee wouhin?

## AM FOKUS
Freelance gesicht

Service national de la jeunesse


ON STÉITSCH
24 SEP 2022
ROTONDES
#onsteitsch

# SOMMAIRE




**AM GESPRÉICH**
Doheem raus – mee wouhin? ........ 04

**JUGENDWUNNEN**
Jugendwunnen am Quartier Arboria ........ 08
WGs sind keine Notlösung ........ 10
Maison Eisenborn ........ 12
Ressources ........ 13

**AGENDA**
Les dates à ne pas manquer ! ........ 14

**AUS DEM SECTEUR**
Develop Yourself ! #2edition ........ 16

**VIRGESTALLT**
Moveapproved - The guide to change ........ 18

**NEIES VUM SNJ**
Science and Networking E Kaffi am...
Luxembourg Science Center ........ 20
«S-Team : Setz dech an ! » - Ensemble contre la violence ........ 22
Info Corner ........ 24

**AM FOKUS**
Den SNJ sicht Freelance ........ 26

**IMPRESSUM**
YOUTHMAG - Le magazine pour le secteur de la jeunesse

**Coordonnées :**
Service national de la jeunesse
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

**Rédaction :** Service national de la jeunesse avec le soutien rédactionnel de: Jeanne Adam, Claude Lamesch (Arboria), Étienne Degeest (move.), Aurélia Benvenuto (Escher Jugendhaus)

**Vos suggestions à :**
mag@youth.lu

**Mise en page :**
Graphisterie Générale / Kehlen

**Crédits photos :** SNJ, Move., Escher Jugendhaus, Croix-rouge, De WG Projet et tous les autres qui ont éventuellement été oubliés.

**Papier :** FSC sources mixtes

**Impression :** Reka

**Tirage :** 1 200 exemplaires
**ISSN :** 2535-9029
**Edition printemps/été 2022**

La reproduction non-commerciale, non-modifiée et la distribution sont expressément autorisées à condition de citer la source. Imprimé au Luxembourg.



# Doheem raus – mee wouhin?

Am Gespréich mam Youthmag ginn dräi Expert*innen Ablécker an déi aktuell Situatioun, d'Erausfuerderungen a méiglech Léisungen am Beräich Jugendwunnen.

**D'Lag um Wunnengsmarché zu Lëtzebuerg ass immens ugespaant an ëmmer méi Jonker wunne méi laang doheem bei den Elteren. Wat bedeit dat fir hire Liewenswee?**

**Annie:** Ech hunn d'Chance zwou Kapen unzehunn: Als Professionelle begleeden ech Jonker, déi net méi kënnen doheem wunnen an dofir bei eis an der WG (A.d.R: Projet vun der Gemeng Munneref) wunnen. Doheem hunn ech nach e Jonke vun 23 Joer dee geschwënn mat de Studie fäerdeg ass. Als Eltere gesinn ech dofir, wat et heescht, e Jonken doheem wunnen ze hunn, dee gäre géif fort, awer net kann. Et ass net ëmmer einfach do e Gläichgewiicht ze fannen.

**Jeff:** Autonoomt Wunnen ass einfach en Deel vun der Entwécklung, et geet drëm eegen Erfarungen ze maachen, Verantwortung ze iwwerhuelen. Doheem ass ee geschützt, et muss een sech ëm manner këmmeren, awer dat verhënnert och, dat ee Verantwortung fir säin eegent Liewen iwwerhëlt. D'Erwuessegi verschiibt sech dann no hannen. Jonker, déi bei eis kommen, si groussjäreg a wëssen trotzdeem oft Basissaachen net, wéi e Virement maachen. Mee mir gesinn och, wann een hinnen d'Vertraue gëtt a mat hire Stäerkte schafft, da maachen déi meescht e ganz gudde Wee.

**Gary:** Jo, et gëtt jo net ee Jonken – mëttlerweil ass d'Logementssituatioun awer sou, dat bal all Jonken dovu concernéiert ass. De Logement ass eng vun den Entwécklungen, déi mécht, dat mer eng Generatioun hunn, wou d'Zukunft méi schlecht ausgesäit. Fir déi Generatioune virdrun huet d'Zukunft un sech ëmmer besser ausgesinn. De Credo „Léier eppes, da kanns de der eppes leeschten", déi Perspektiv kann ee kengem méi opriichteg bidden. Een dee vun enger Uni zréckkënnt an eng Aarbecht huet, kann sech den Ament trotzdeem näischt leeschten. E muss vun enger Erfarung vun Autonomie erëm zeréck an eng Erfarung vu bei engem ënnerkommen, meeschtens bei den Elteren. Dat ass net gutt fir d'Motivatioun fir weider ze kommen.

**Gesinn déi Jonk dat och als Problem oder akzeptéieren si dat, vläicht well se et net anescht kennen?**

**Annie:** Ech kann de Gary do nëmme bestätegen, ech hunn och e Bouf, dee wunnt bei senger Frëndin a si wëlle bauen, mee et geet net – trotz zwou gudde Paien. Hien ass bësse frustréiert, hie seet, ech hu Suen op der Säit, eng sécher Aarbecht an eng gutt Pai, mee trotzdeem kréien ech keng Opportunitéit. Wann et eppes gëtt, da just an der Kategorie SNHBM, wou et ni däint gëtt.

**Jeff:** Fir mech ass dat ganz ënnerschiddlech, du hues der, déi et mierken a wëssen, mee du hues och anerer. Mir bidde jo e bëllege Loyer un, a wann si da schaffe ginn, proposéiere mir hinnen, fir d'Differenz zu engem normale Loyer op d'Säit ze leeën, fir duerno kënnen eng Kautioun ze bezuelen asw. Déi eng zéien do mat, mee anerer kréien dat net ëmgesat, fir a sechs Méint oder engem Joer eppes ze plangen. Wa Manifestatiounen si wéinst de Logementspräisser, sinn déi Jonk net immens aktiv. Et ass schwéier fir se ze motivéieren, aktiv eppes dogéint ze maachen, dat fannen ech e bësse schued. Si si vläicht schonn e bësse resignéiert.

**Gary:** Jo ech kann dat just bestätegen, et ass ganz ënnerschiddlech. De Reflex ass op alle Fall net en masse do, fir eppes ze maachen. A wann en do ass, dann ass et manner de politesche Reflex, mee éischter: Mir organiséieren eis anescht a sichen no Alternativen.

**Annie:** Jo, si sinn an deem Sënn am Fong nach zimmlech onerfueren. Ech weess net op se et net léieren an der Schoul oder vun doheem aus, mee si hannerfroen näischt, si analyséieren et net kritesch. Dat feelt mir e bësse bei hinnen: ‚Majo, dann ass et eben sou, da siche mer e Plan B', mee et ass awer net, dat ee seet, lo kämpfe mir fir eise Projet. Et ginn der e puer, mee net all, well se resignéieren oder well se net geléiert hunn, datt wann s de dech wiers, kéints de eppes beweegen.

**Annie, du bass Member am Conseil supérieur de la jeunesse, an ärem Avis vun 2017 hat dir kritiséiert, dat et e „manque frappant de logement adéquat" fir Jonker gëtt an och net genuch Fuerschung zum Thema. Wat ass zanterhier geschitt?**

**Annie:** Jo, den Avis vun 2017 hat ech souguer dem Här Minister Meisch perséinlech iwwerreecht an ech hat mech do nawell zimmlech engagéiert. Hien huet duerno laang geschwat a gesot, hie géif e Suivi maachen, mee ech sinn ni vun engem Suivi informéiert ginn. 2021 hu mer quasi de selwechten Avis nees ofginn. De neie President vum Conseil huet mir gesot, datt do awer vill geschitt ass, et si vill Wunnenge fräi ginn. Mir sinn du bëssen op en anere Wee gaangen: Mir froen nach ëmmer e Recensement vu Wunnengen, déi eidel stinn. Mir proposéieren zum Beispill och, datt déi fréier Wunnenge fir Douanieren, Giischtercher a Police déi lo deelweis eidel stinn, dem Staat gehéieren a kéinte kuerzfristeg renovéiert ginn, genotzt ginn. Mir hate souguer proposéiert, datt déi Jonk d'Gebaier ënner Opsiicht kéinte renovéieren, en échange fir e méi klenge Loyer. Dat wieren zwou Mécken op ee Schlag. Och do krute mer gesot, et géif e Suivi ginn, mee bis dato ass nach menges Wëssens no näischt Konkretes geschitt. Dat ass fir mech perséinlech frustrant.

De **Jeff Dostert**, Assistant social vu Formatioun, schafft als Coordinateur social vum Jugendwunnen bei der Wunnengshëllef asbl. Si bidde Jonke vun 18 bis 26 Joer, déi nach an der Schoul sinn, en Zëmmer an enger WG un. Zousätzlech gëtt et d'Etape21, e méi nidderschwellege Projet fir Jonker, déi e bësse méi Ënnerstëtzung brauchen.

D'**Annie Loschetter** schafft als Coordinatrice vum Service communal de la jeunesse zu Munneref, eng vu senge Fonctiounen do ass déi sozio-pedagogesch Begleedung vu véier Jonken an enger kommunal geförderter Jugend-WG zu Altwis. Si ass ausserdeem Member am Conseil supérieur de la jeunesse.

De **Gary Diderich** ass benevole aktiv beim WG Projet vun der Life asbl. Zil vum Projet ass et, Wunngemeinschaften als Wunnform ze promouvéieren a fir déi eenzel Leit ze vereinfachen. An de WGe vum Projet wunnen den Ament 30 Jonker an an Zukunft soll et och zu Zolwer en Haus speziell fir Jonker ginn.

**Wéi gesinn déi aner dat, wat ass an deene leschte Joren do geschitt?**

**Jeff**: Ech gesinn et e bësse méi differenzéiert wéi d'Annie. Wann ech just d'Jugendwunne kucken, wou et drëms geet, de Schoulofbroch ze verhënneren, do fannen ech schonn, datt de Ministère zimmlech vill gemaach huet. Et spiert een de politesche Wëllen ze verhënneren, datt Jonker ophale mat der Schoul, well se musse schaffe goe fir sech eng Wunneng ze leeschten; mir kruten d'lescht Joer eleng 20 Zëmmere bäi. Wat mir awer nach feelt, ass déi Etapp duerno, wann se fäerdeg si mat der Schoul. Am Prinzip musse si nom Lycéesofschloss bei eis raus, si hunn dann idealerweis hiren éischte CDI oder CDD, mee fannen dann trotzdeem näischt um éischte Wunnengsmaart. Fir déi di weider studéiere ginn ass et änlech: mir hunn aktuell nach dräi Jonker bei eis wunnen, déi op d'Uni ginn, déi awer nach bei eis musse bleiwe well se keen Uniszëmmer fannen. Si kréien de Cedies, mee dat geet net duer fir sech eng Wunneng ze leeschten. Am noen Ausland kréien se näischt, well se net genuch Garantie matbréngen.

**Gary**: Ech denken, datt de Programm Jugendwunnen vum Educatiounsministère scho Saache méiglech gemaach huet. Mee et ass net op der Héicht vun deem, wat néideg ass. Et geet och net schnell genuch weider. Mir hunn d'Erfarung gemaach, dat mir an de leschten 2-3 Joer benevole immens vill Virleeschtung hu misse maachen, fir op e Punkt ze kommen, fir iwwerhaapt mol hallefdaags een anzestellen, fir no deene Jonken ze kucken. Am Fong stäipen de Staat an d'Gemengen sech op d'Initiativ vu Privatleit, déi hier Fräizäit opferen, fir datt eppes geschitt, wat am Fong hier Responsabilitéit misst sinn. Déi Logementskris, an där mir sinn, där gi mer guer net gerecht. Am Jugendpakt steet jo och, datt et net nëmmen ass fir déi Jonk, déi nach an d'Schoul ginn, mee et ass fir déi Jonk an d'Autonomie ze begleeden, do muss eppes geschéien, och am Wunnberäich. An do hunn ech d'Gefill, do ass kee Plang dohanner. Hätte mir méi Offer, kéinten déi Jonk aus der Wunnengshëllef do e fléissenden Iwwergang maachen, mee mir sinn ëmmer vir bäi an hanne widder.

**Wat muss an Zukunft geschéien? Wéi kann een dat léisen?**

**Gary**: D'Gemengen an de Staat musse bauen a kafen.

**Annie**: D'Proprietäre mussen hiert zur Verfügung stellen. Et gi verschidden Organisatiounen, wéi Inter-Actions Coup de pouce, déi gi bei d'Proprietäre klappe fir si ze iwwerzeegen, datt Jonker vläicht och temporär kënnen do wunnen. Um Lampertsbierg stinn vill Haiser eidel. Et muss een d'Proprietaire motivéieren, zum Beispill duerch Steiererliichterungen, dat hu mir och an eisem Avis geschriwwen. Dat een se einfach ganz „häerzlech" aluet, fir d'Haus zur Verfügung ze stelle fir sou konventionéiert Associatiounen an Institutiounen. Bauen dauert nach laang. Et ginn sou vill Haiser, déi eidel stinn, déi Spekulatioune missten ënnerbonne ginn.

**Jeff**: Ech ënnerschreiwen déi zwou Saachen, awer och aner Wunnmodeller promouvéieren, e bësse wechkomme vun deem klasseschen Eefamilljenhaus. E konkret Beispill: Mir hunn dräi Jonker, si hunn allen dräi e CDI, si ware bestëmmt 25 Objete kucken, mee si fannen näischt fir zu dräi wunnen ze goen. Si si motivéiert a géifen dat bestëmmt gutt maachen, mee et ass einfach näischt ze fannen, an dat fannen ech immens schued. Do musse mer bësse méi aktiv ginn, fir z.B. d'WG'en och als Wunnform unzeerkennen. An Däitschland gëtt et zum Beispill och sou Méigeneratiounenhaiser, mee do si mer da ganz wäit an der Zukunft. Et geet also drëm, wéi mer de Wunnraum, deen do ass, besser kënnen notzen.

**Wou fënnt ee Jonke weider Informatiounen zum Thema Wunnen, falls een déi Fro iwwerhaapt ka beäntweren?**

**Gary**: De Point Info Jeunes huet eng Broschür iwwer Wun-



nen, do ass eng nei Editioun am Ëmlaf, warscheinlech ass dat déi eenzeg Publikatioun, déi Informatiounen zentraliséiert.

**Annie**: Dofir géif ech et gutt fannen, wann au sein d'un Ministère du logement oder just fir d'Jugend, een do eng zentral Plaz mécht, déi Informatioune sammelt a wou een dann och als Jugendleche kann higoen a soen, ech sinn an där an där Situatioun, an dann do dispatched gëtt.

**Jeff**: Et geet vill iwwer d'Informatioune vum Reseau. Mee de Jonke kritt am Fong réischt d'Informatioun, wann e schonn op enger Plaz ass, fir no Hëllef ze froen, wa schonn eng Krisesituatioun do ass. Ech weess awer och, dat mer d'lescht Joer vum Ministère kontaktéiert gi sinn, fir e Recensement ze maachen, wie wat ubitt, do soll e Site gemaach ginn, wou verschidden Offere regroupéiert ginn, net just de Logement.

**Gary**: Et ass wierklech wichteg, dat net nëmmen erauskënnt, dat de Staat muss méi maachen, mee dat d'Gemengen och musse méi maachen, déi zéien sech do immens vill aus der Verantwortung. Dat anert, wat wichteg ass, ass d'Informatioun iwwer d'Rechter als Locataire fir déi Jonk. Et muss een onbedéngt kucken, dat Jonker, iert se op de private Marché ginn, wëssen, wat hir Rechter sinn, well déi ginn déi ganzen Zäite mat Féiss getréppelt, dat geet vun der Kautioun bis d'Héicht vum Loyer… well am Fong ass e Locataire gutt geschützt, wann e seng Rechter kennt a bëssen selon les règles de l'art virgeet.

**GESTION LOCATIVE SOCIALE (GLS)**

D'Regierung huet d'Konzept GLS 2009 ageféiert, fir eidelstoende Wunnraum Leit mat manner Revenu zu abordabele Präisser zur Verfügung ze stellen. Organisatiounen hunn d'Méiglechkeet eng Konventioun mam Ministère du Logement ze maachen, deen sech dann un de Käschte bedeelegt. Méi Infoen an eng Lëscht vun de konventionéierten Organisatiounen:

**AGENCES IMMOBILIÈRES SOCIALES (AIS)**

Eng AIS ass een Acteur vun der GLS. D'Agence vermëttelt fir Proprietären, déi hier Wunneng wëlle verlounen an en échange vu verschidde Virdeeler bereet sinn, méi e niddrege Loyer ze froen. Potentiell Locatairen ginn iwwer den Office social vun der Gemeng dohinner weider vermëttelt.

**SUBVENTION DU MAINTIEN SCOLAIRE**

Jonker an enger psychosozialer Noutsituatioun, déi gezwonge sinn eleng ze wunnen, kënnen iwwer de SePAS an hirer Schoul eng Subvention du maintien scolaire ufroen. Dëst gëllt fir Jonker tëscht 18 an 30 Joer, déi zu Lëtzebuerg an de Secondaire ginn a wëllen hiren Diplom maachen. D'Héicht vun der Ënnerstëtzung gëtt en fonction vum Loyer a vum Revenu festgeluecht. Méi Infoen:

**CONSEIL SUPÉRIEUR DE LA JEUNESSE**

Dëse Conseil beréit d'Regierung an den Observatoire de la jeunesse zu Froen a Relatioun mat Jonken. E setzt sech zesummen aus Vertrieder*inne vu Jugendorganisatiounen, Jugendservicer, Schüler*innen a Student*innen, aus der Wëssenschaft, dem Jugendparlament, dem Syvicol an dem Ministère. D'Membere gi vum Minister fir dräi Joer ernannt. Méi Infoen:

# Jugendwunnen am Quartier Arboria

De Projet **„Jugendwunnen am Quartier Arboria“** zu Déifferdeng riicht sech u jonk Erwuessener tëschent 18 a 26 Joer déi, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net méi kënnen am Elterenhaus wunnen oder keng Méiglechkeet hunn um reguläre Marché eng Wunneng ze kréien.



## CHECKLIST

Viraussetzunge fir d' Wunnstruktur kënnen ze integréiere sinn:

- ✓ **Säin Alldag zum groussen Deel kënnen autonom geréieren:** Haushalt féieren, Budget geréieren an administrativ Demarche selbststänneg maachen
- ✓ **E konkrete “Liewensprojet” hunn:** Schoul, Studium, Léier, Aarbecht oder awer ee Service volontaire national (SVN), kloer Zieler hunn a motivéiert sinn dës och wëllen ze erreechen
- ✓ **E reegelméissegt Akommes hunn:** maintien scolaire, indemnité d'apprentissage, Cedies, Pai
- ✓ **Bereet si fir eng Zesummenaarbecht mam Erzéierteam:** All 6 Méint Reevaluatioun vum Projet a Gruppeversammlungen

**MIR BIDDEN**

- ✓ Presenz um Terrain
- ✓ Begleedung
- ✓ Berodung
- ✓ Informatioun
- ✓ Gespréicher
- ✓ Kollektivitéit
- ✓ Gemeinschaftsraim
- ✓ Aktivitéiten
- ✓ Projeten...

**MIR ERWAARDEN**

- ✓ Zesummenaarbecht mam Erzéierteam
- ✓ Sech op säi Projet konzentréieren
- ✓ Respektvollen Ëmgang mam Logement
- ✓ Respektvollt Zesummeliewen
- ✓ Respektéiere vun de Reegelen
- ✓ Spueren...







D'Zil vum Jugendwunnen ass de Bewunner d'Méiglechkeet ze ginn an hirer Selbstännegkeet ze wuessen, hinnen di noutwenneg Stabilitéit ze gi fir sech kënnen op hire Liewensprojet ze konzentréieren an se an hirer perséinlecher a sozialer Entwécklung ze ënnerstëtzen. D'Bewunner bestëmmen eegestänneg hire **„Projet de vie"** an hir Ziler, sou datt all Weeër, Entwécklungen an Ofschlëss ganz individuell sinn. D'Bewunner gi vum Erzéierteam begleet fir zesummen hir eege Ressourcen ze fannen, opzebauen an ze erweideren.

D'Wunnstruktur ass zentral zu Déifferdeng geleeën, sou datt all noutwenneg Déngschter (Geschäfter, Apdikten, medezinesch Versuergung, Schoulen etc) an den ëffentlechen Transport liicht accessibel sinn. D'Gebai verfüügt iwwer 36 Wunnengen verdeelt op dräi Stäck, dovunner véier fir monoparental Familien, zwou Wunngemeinschaften an dräi fir Persoune mat spezielle Bedierfnisser. Di eenzel Wunnenge si miwweléiert an hunn eng eege Buedzëmmer a Kichenzeil.

An der Struktur stinn de Jonken nach verschidde Raim zur Verfügung:

- Gemeinschaftsstuff mat Canapéen, Tëlee an Terrass
- Versammlungs-/Aktivitéitsraum mat Kichen
- Fräizäitraum mat Billard, Kicker an Terrass
- Wäschkiche mat Wäschmaschinnen an Trockner
- Veloskäfeg

Fir datt d'Inscriptioun kann ugeholl ginn, muss de jonken Erwuessenen d'Viraussetzunge vun der Wunnstruktur erfëllen an Demande och perséinlech un onse Service riichten (net iwwert e sozialen Acteur). Dëst ass schonn en éischte klengen Unhaltspunkt un Autonomie.

Eng Confirmatioun datt Demande ukomm ass, kritt de Jonken per Mail geschéckt. Et gëtt do och drop higewisen datt ons Waardelëscht relativ grouss ass an et wichteg ass och nach aner Demanden ze maachen. Als Ënnerstëtzung bei der Sich no enger Wunnméiglechkeet ass zousätzlech an der Mail nach d'Broschür **„Jeunesse et Logement"** vum PIJ an eng Lëscht mat verschiddenen nëtzlechen Adresse bäigefüügt.

Wichteg ass datt de Jonken seng Demande eemol de Mount confirméiert fir op der Waardelëscht ze bleiwen, dëst am beschte per Mail.

**UMELDUNG:**
**De Formulaire d'inscription fënnt een um Site:**

Dëse ka souwuel direkt online wéi awer och per Mail oder Post agereecht ginn.

**KONTAKT:**
Fir weider Informatioune kënnt dir iech un di Responsabel vum Site, d'Madamm Claude LAMESCH, wenden: **T.** : 2755 7204 /
**M.** : claude.lamesch@croix-rouge.lu

# WGs sind keine Notlösung




**Ressourcen besser nutzen und Solidarität fördern durch Wohngemeinschaften, so das Ziel der Asbl „de WG Projet". Auch – oder besonders? – für junge Menschen bietet diese Wohnform dauerhaft Vorteile.**

Wohnen ist in Luxemburg ein schwieriges Thema, WGs können Teil der Lösung sein. „Statistisch gesehen hat Luxemburg die höchste Quadratmeterzahl an Wohnraum pro Person", beschreibt Gary Diderich von **„de WG Projet"** die Situation, „und gleichzeitig haben wir eine Wohnungskrise." Mit dem Ziel gegen diesen Missstand anzukämpfen, gründeten einige Mitglieder der Life asbl (s. Kasten) vor ein paar Jahren **„de WG Projet".** Ziel des Projekts ist es, die Wohngemeinschaft (WG) als Wohnform zu fördern. Mit Erfolg: Mittlerweile zählt das Projekt 30 WGs mit insgesamt 140 Bewohner*innen und die Nachfrage ist weiterhin groß – sogar zu groß.

### Solidarität, Autonomie und Selbstbestimmung

Eine WG bietet finanzielle Vorteile: Gemeinschaftsräume können gemeinsam genutzt werden, in der Summe sinken damit Miet- und Nebenkosten. Das Gleiche gilt für Geräte, z. B. die Waschmaschine oder andere Dienstleistungen wie ein Internetanschluss. Für die größtenteils freiwilligen Mitglieder der Asbl ist das WG-Leben aber alles andere als eine Notlösung, um billiger wohnen zu können.

### WOHNGEMEINSCHAFT (WG)

Eine Wohngemeinschaft bedeutet, dass sich Personen, die nicht miteinander verwandt oder verschwägert sind, Wohnraum teilen. Oft hat jede Person ihr eigenes Zimmer, während Räume wie Bad, Küche und Wohnzimmer gemeinsam genutzt werden. WGs sind allerdings so vielfältig wie die Menschen, die dort wohnen: Der Grad an Privatheit und Gemeinsamkeit variiert von WG zu WG und kann von den Bewohner*innen gemeinsam festgelegt werden.

### LIFE ASBL

Die Life asbl bezeichnet sich selbst als ökokreative Plattform, die aus der Jugendbewegung des Mouvement écologique entstanden ist. Die Mitglieder haben den politischen Aktivismus hinter sich gelassen, um konkrete Projekte voranzutreiben, darunter **„de WG Projet“**. Mehr Informationen unter: lifeproject.lu

**„De WG Projet“** setzt vor allem auf Solidarität, Autonomie und Selbstbestimmung beim Wohnen. „Man muss nicht alleine wohnen, man kann sich auch ohne eine familiäre oder affektive Bindung gegenseitig unterstützen“, resümiert Diderich die Vorteile einer WG. So bietet das WG-Leben für junge Menschen im besten Fall auch einen Rahmen, in dem sie Halt und Gemeinschaft finden, wo sie sich gegenseitig unterstützen und persönlich weiterentwickeln können. Aktuell wohnen 30 Menschen im Alter zwischen 18 und 26 Jahren in WGs des Projekts.

Um sich als Bewohner*in zu melden, gibt es keine besonderen Voraussetzungen. Die WGs haben ganz unterschiedliche Schwerpunkte: Es gibt WGs für Alleinerziehende, WGs für Studierende, WGs für Musikliebhaber*innen oder Landwirtschaftsinteressierte, WGs für Geflüchtete, und eben auch WGs für junge Menschen. Um eine WG bei dem Projekt anzumelden oder sich als WG-Bewohner*in zu bewerben, braucht man lediglich online ein Formular auszufüllen. Die Asbl führt allerdings keine Warteliste, jede WG entscheidet selbst, wer bei ihr einziehen darf (auch unabhängig davon, ob die Person beim „WG Projet“ registriert ist).

**So funktioniert „de WG Projet“**

Die Vereinigung sieht sich als Vermittler zwischen Vermieter*innen und WG-Bewohner*innen. Als Träger der Gestion locative sociale, die das Ministerium für Wohnungswesen als Instrument gegen den Mangel an erschwinglichem Wohnraum in Luxemburg geschaffen hat, setzt sich **„de WG Projet“** dafür ein, dass Eigentümer*innen Wohnraum für WGs zur Verfügung stellen. Die Vermieter*innen erhalten eine gesicherte, wenn auch geringere Mietzahlung sowie Steuererleichterungen und müssen sich nicht um die Neubesetzung frei gewordener Zimmer oder ähnliche Aufgaben kümmern.

Die WGs erhalten Unterstützung bei organisatorischen und technischen Fragen. Strom- oder Internetanschluss können beispielsweise im Namen der Asbl abgeschlossen werden; so lastet diese Verantwortung nicht mehr auf einer Person in der WG. Ein weiterer Vorteil für WGs im „WG Projet“ ist, dass die WG-Mitglieder nicht als ein Haushalt gelten. Sollte also beispielsweise ein WG-Mitglied den Revis anfragen müssen oder wollen, kann er oder sie das tun. Würden die Personen privat mieten, würde das Einkommen der anderen bei der Überprüfung des Revis-Anspruchs (oder einer anderen finanziellen Unterstützung) einfließen.

**„De WG Projet“** stützt sich in erster Linie auf freiwillige Arbeit, konnte aber in den letzten Jahren auch erste Mitarbeiter*innen einstellen. Mittlerweile ist eine Halbtagskraft speziell zur Unterstützung von jungen Menschen da. „Bei unserem Projekt steht nicht primär das Soziale, also die Betreuung im Vordergrund“, erklärt Gary Diderich, „trotzdem ist nicht jeder unbedingt so autonom, wie er vielleicht angibt, wenn er einzieht, und das versuchen wir aufzufangen.“ Zusätzlich verfügt die Organisation über einen „Service technique“, der bei kleineren Reparaturen zu vergünstigten Preisen aushelfen kann.

**Barrieren überwinden**

Die Skepsis der Wohnungseigentümer*innen ist nur eine Barriere, die **„de WG Projet“** zu überwinden versucht. Im Wohnungsgesetz von 2019 werden WGs nicht explizit erwähnt, einige Bestimmungen wirken sich jedoch zu deren Nachteil aus. Eine bestimmte Zimmergröße pro Person wird vorgeschrieben sowie ein zweiter Fluchtweg für den Brandschutz, was bei Einfamilienhäusern nicht der Fall ist. Dann gibt es noch lokale Bestimmungen der Gemeinden, die mal mehr, mal weniger WG-freundlich sind. Besonders auf dieser Ebene müsse etwas passieren, findet Gary Diderich.

Neben gemieteten Objekten möchte die Asbl in Zukunft vermehrt auf Hauskauf und -renovierung setzen. Dafür ist **„de WG Projet“** jedoch auf die Hilfe von Freiwilligen angewiesen, die bei der Organisation und der Renovierung der Häuser helfen. Noch übersteigt die Nachfrage für WG-Zimmer nämlich bei Weitem das Angebot. „Bei uns melden sich auch immer wieder Menschen, die nicht unbedingt in einer WG leben möchten, sondern einfach in einer Notsituation sind. Das kann funktionieren, aber es kann natürlich auch schief gehen“, erzählt Gary Diderich. Trotzdem hält „de WG Projet“ an seinen ursprünglichen Zielen fest: „Das Wichtigste für uns ist, dass das Leben in einer WG eine positive Erfahrung ist. Unser Wunsch ist, dass Solidarität, Verantwortungsbewusstsein und Autonomie gefördert werden und auch über die WGs hinaus in der Gesellschaft wirken können.“



# Maison Eisenborn

**Rund zehn Autominuten vor den Toren der Hauptstadt liegt das beschauliche Dörfchen Eisenborn. Über Jahre hinweg betrieb der SNJ dort ein Jugendzentrum, welches 2019 dann aber eine neue Bestimmung bekam. Aus dem „Centre de Jeunesse“ wurde die „Maison Eisenborn“ und anstelle der Jugendgruppen kommen seither junge Erwachsene, aus Luxemburg und ganz Europa, um dort eine temporäre Bleibe zu finden.**

### Für Freiwillige, aber nicht nur!

Im Rahmen des **„European solidarity corps“** kommen, Tendenz steigend, jedes Jahr rund vierzig junge Erwachsene nach Luxemburg, um sich bei einer der akkreditieren Organisationen als Freiwillige zu engagieren. Die wachsende Beliebtheit des „ESC“ sorgt dabei für einen stetig steigenden Bedarf an Unterkünften für die jungen Europäer. Als die Räumlichkeiten des ehemaligen Jugendzentrums frei wurden, entschied man sich daher dafür, diese in eine Wohnstruktur für junge Erwachsene umzuwandeln. Obwohl die Freiwilligen zweifelsfrei die größte Nutzergruppe darstellen, sollte die neue Einrichtung von Anfang an aber mehr sein als eine reine Freiwilligenunterkunft.

So steht die **„Maison Eisenborn“** auch noch Praktikanten aus dem Ausland und einem weiteren, sehr spezifischen Personenkreis zur Verfügung. Dies sind Studenten aus Luxemburg, die im Ausland studieren und, aus welchen Gründen auch immer, keine Meldeadresse mehr in Luxemburg haben. Da aber sowohl die Mitgliedschaft bei der luxemburgischen Sozialversicherung als auch die Studienbeihilfen des CEDIES an eine solche geknüpft sind, stellt das für betroffene Personen ein großes Problem dar. Die Einrichtung ist dabei das erste staatliche, und wohl auch das allgemein einzige, Angebot, um Personen in einer solchen Situation unbürokratisch und pragmatisch zu helfen.

### Meldeadresse und mehr für Studierende

Die Studierenden können demnach für die Dauer ihres Studiums die **„Maison Eisenborn“** als ihren Hauptwohnsitz anmelden und dort auch ihre Post empfangen. Für Aufenthalte in Luxemburg stehen den eingeschriebenen Personen einige Zimmer zur Verfügung, die sie gegen Bezahlung einer kleinen Gebühr benutzen können. Ferner können persönliche Gegenständen in speziellen Boxen im Untergeschoss des Gebäudes eingelagert werden. Nach Beendigung des Studiums kann die Einrichtung noch drei Monate (eine Verlängerung um weitere drei Monate ist möglich) genutzt werden. Mit 30 gemeldeten Studenten und rund zehn neuen Einschreibungen pro Jahr wird das Angebot auch gut angenommen.

### WG in XXL

Insgesamt stehen in Eisenborn siebzehn Einzelzimmer zur Verfügung, die mit Bett, Kleiderschrank, Schreibtisch und Waschbecken ausgestattet sind. Neben einer großen zentralen Gemeinschaftsküche gibt es pro Stockwerk auch noch kleinere Küchenzeilen sowie mehrere Aufenthaltsräume. Das Angebot richtet sich an junge Erwachsene zwischen 18 und 30 Jahren, die autonom und selbstständig ihren Alltag organisieren und meistern können.  Die Sozialarbeiter des SNJ stehen aber, auf Anfrage, natürlich trotzdem für Hilfestellungen bereit.

**ANBINDUNG:**
**Öffentlicher Transport:** Linie 100 direkt ins Stadtzentrum / Linie 102 zum Bahnhof in Lorentzweiler / Nightbus (Wochenende)
**Carsharing:** Flex-Station in unmittelbarer Nähe zum reduzierten Tarif

**KOSTEN:**
**Unterkunft:** 5 €/Nacht, 25 €/Woche o. 75 €/ Monat für Studierende
**Lagerung persönlicher Sachen:** 5 €/Monat

**ANMELDUNG:**
**Onlineformular unter:**

**KONTAKTPERSON BEIM SNJ**
Marie Hetto - **T.**: 247 86497
**M.**: maison.eisenborn@snj.lu

# Ressources



Jugendinfo.lu

**"Jugendwunnen"**
**Le logement pour jeunes**

Lien vers l'article

Autres articles concernant le logement sur **jugendinfo.lu**
Agence Nationale pour l'Information des Jeunes | **T** (+352) 26293-200 | **E** jugendinfo@anij.lu

#jugendinfolu




## Jeunesse & Logement

L'accès au logement est une étape primordiale dans la prise d'autonomie du jeune, qu'il soit étudiant, travailleur ou en recherche d'un emploi. Dans ce guide, élaboré par le Point Info Jeunes d'Esch, on trouve des éléments de réponses à une panoplie de questions en relation avec la thématique du logement.

Scanez le code QR pour accéder à la publication :




## durchbléck n°9 – Wunnen zu Lëtzebuerg

Die Publikationsreihe „durchbléck", herausgegeben vom „Zentrum fir politesch Bildung", richtet sich an Lehrkräfte und Multiplikator*innen und beinhaltet sowohl Hintergrundinformationen als auch praktische Übungen zu ausgewählten Themen. Die neunte Ausgabe, erhältlich in deutscher und französischer Sprache, widmet sich dem Thema „Wohnen in Luxemburg".

Scannen Sie den QR-Code um die Seite des ZpB aufzurufen:

AGENDA

# Les dates à ne pas manquer !

Il vous manque une date importante, contactez-nous : **info@youth.lu**



## 07 juin 2022
### ZRÉCK AN D'SCHOUL

Une formation pour jeunes de 16 à 30 ans qui veulent retourner à l'école. Définir son projet scolaire, mettre en place un dossier de candidature, explications sur les différentes classes et beaucoup plus afin de garantir un retour réussi.

**Inscription et plus d'infos : hey.snj.lu**




## 11 juin 2022
### Nuit du Sport 2022

Nei Sportarten kenneléieren an dat a ville Gemengen uerchtert ganzt d'Land.

**Plus d'infos : www.nuitdusport.lu**

SERVICE VOLONTAIRE

## 18 juin 2022
### Ech?! Fräiwëlleg?!

Une formation qui s'adresse à tous les jeunes qui vivent au Luxembourg et désirent s'engager dans un service volontaire national ou à l'étranger. Plusieurs dates par année !

**Inscription et plus d'infos : www.volontaires.lu**



## 21 juin 2022
### Konferenz Fräiraum fir Jonker – Save the date

Den SNJ invitéiert Iech op d'Konferenz Fräiraum fir Jonker am Forum Geessekräppchen. Unhand vu Presentatiounen, Good-Practice-Beispiller a Workshops gëtt der Fro nogaangen, wéi mat Jonken zesumme méi Raim a Plaze gestalt kënne ginn, wou si sech ausliewen a wuelfille kënnen.

**Inscription et plus d'infos : coming soon!**




## 29 juin 2022
### Journée d'intro pour Freelance

Le SNJ est toujours à la recherche de nouveaux « Freelance » pour encadrer des groupes de jeunes pendant leurs activités dans nos centres de jeunesse. Plusieurs dates par année !

**Inscription et plus d'infos : erliewen.snj.lu/freelance**



## 06 juillet 2022
### Journée Outdoor Jeunesse - Save the date

Een Dag gefëllt mat interessante Virträg a praktesche Workshops zum Thema Outdoor-Pedagogik.

**Plus d'infos : coming soon!**



# 06 juillet 2022

## Cours de premiers secours

Éischt-Hëllefs-Cours fir Jonker tëscht 15 an 30 Joer. Dës Formatioun gëtt direkt e puer mol pro Joer ugebueden!

**Inscription et infos: hey.snj.lu**




# mi septembre 2022

## beactive@Jugendhaus

Le but de cette initiative est d'inciter les jeunes à bouger plus et à pratiquer une activité physique. Les maisons de jeunes qui veulent proposer des propres activités peuvent nous contacter pour devenir partenaire!

**Contact: beactive@snj.lu**





# 24 septembre 2022

## On Stéitsch

E flotte Festival fir d'ganz Famill mat Musek, Danz a gudder Stëmmung. Dat ganzt wéi gewinnt am flotte Kader vun de Rotonden zu Bouneweg.

**Plus d'infos: www.onsteitsch.lu / @onstéitsch (FB/INSTA)**



# 25 octobre 2022

## Foire vun der Jugendaarbecht – Save the date

Den Event fir neies aus dem Secteur gewuer ze ginn. Presentatiounen a vill flott Stänn am Forum Geesseknäppchen.

**Inscription et plus d'infos: coming soon!**

**Suivez-nous sur les réseaux sociaux pour avoir les dernières informations!**

: @snj.lu /
: @snj_luxembourg

# Develop Yourself ! #2edition

Develop Yourself (DY) est un projet sur le développement personnel que le Escher Jugendhaus a mis sur pied en 2021.



**SOPHROLOGIE**

La sophrologie est une technique de relaxation qui agit sur le corps et le mental. Cette méthode aide à retrouver un équilibre de vie et à mieux gérer les situations au quotidien, notamment le stress. Les participants sont assis sur une chaise, les yeux fermés guidés par la voix de la sophrologue qui guidera leur détente à travers des exercices de respiration.

***« La sophrologie m'a aidé à retrouver de la positivité en moi. J'ai appris à avoir une respiration plus calme sans m'énerver aussi vite. »***
Une participante

Lors du projet les jeunes ont participé à différents workshops leur permettant d'être mieux accompagnés et de trouver des ressources dont ils ont besoin non seulement dans leur vie de tous les jours, mais aussi pour traverser différentes phases de leur vécu.

Ce projet permet aux jeunes la « découverte de soi », de choisir des workshops en groupe ou en individuel, qui les intéressent et qui pourraient correspondre à leurs envies, attentes et besoins, afin de pouvoir se développer eux-mêmes....

Il permet aussi de faire connaissance avec « le développement personnel » qui est une nouvelle notion, englobant diverses recherches de bien-être/mieux-être et de maîtrise de soi. Il s'agit d'un épanouissement personnel qui touche quelques aspects de nos vies, tels que l'équilibre de vie ou encore le dépassement de soi. C'est aussi apprendre à se connaître et de mettre en place des petites actions qui nous font du bien et de pouvoir y accéder à moindre coût.

Ce projet est né à la suite de la crise sanitaire, de la situation actuelle et des conséquences sur la santé mentale des jeunes : Les changements dans le rythme quotidien, dans la vie sociale, à l'école, au travail, la promiscuité dans la famille, l'absence de perspectives claires, sont autant de bouleversements qui peuvent devenir d'importants facteurs de stress.

Ce sac à dos émotionnel que trimballent les jeunes aujourd'hui peut devenir très lourd à porter et avoir des conséquences sur leur équilibre psychologique et physique.

Afin de les accompagner au mieux, l'année dernière le Escher Jugendhaus a lancé une première édition du projet Develop Yourself qui a permis aux jeunes de trouver des ressources dont ils ont besoin pour traverser cette période particulière.

**En 2021,**

- 12 workshops ont été réalisés au Escher Jugendhaus avec 8 intervenants et 19 jeunes participants
- 6 workshops ont été réalisées à l'Ecole Internationale d'Esch et de Differdange avec 3 intervenants et 105 élèves participants

Les workshops dans l'école ont été organisés dans le cadre des « Journées Thématiques ». Le but de ces journées est d'impliquer plusieurs services, structures et intervenants afin de permettre aux étudiants de découvrir différents secteurs et sujets. Le Escher Jugendhaus a été contacté pour une intervention et il a été décidé de présenter le projet Develop Yourself.

Trois intervenants de la team DY ont pu se rendre dans plusieurs classes et y donner des workshops sur la communication détendue, le reiki, les massages au bols sonores tibétains ou encore la création d'un « vision board » pour avoir des objectifs de visualisation sur ses propres rêves et souhaits.

Les élèves ont pu découvrir de nouveaux outils qu'ils peuvent utiliser dans leur quotidien. Leur feedback ainsi que celui des professeurs a été très positif, ils ont apprécié de découvrir de nouvelles méthodes et de nouvelles réflexions pour soi, le tout dans un cadre de bienveillance. Cela a aussi permis de savoir si ce genre de projet aurait sa place dans l'école, la plupart ont répondu OUI !

*« Pour ma part, le projet Develop Yourself est un projet hors du commun. Il permet de toucher le thème du développement personnel sous différentes facettes et de pouvoir familiariser les jeunes avec ce domaine pas encore très connu et pas toujours accessible. Je suis contente de l'évolution de ce projet, car de plus en plus de jeunes ont l'opportunité de pouvoir découvrir un certain nombre de choses pour leur propre bien-être. » #dyescherjugendhaus*

**Aurélia Benvenuto, Responsable Escher Jugendhaus**








**En 2022, le projet est relancé pour de nouvelles expériences et nouveautés !**

Trois nouveaux intervenants s'ajoutent à la team du projet, donc un total de onze intervenants prêts à partager leurs domaines, avec bienveillance et passion auprès des jeunes !

Cette nouvelle étape ciblera un développement dans les écoles, les maisons relais, les lycées, les structures pour jeunes ou encore dans d'autres maisons de jeunes, désireux de lancer un tel projet au sein de leurs propres établissements. Les workshops seront organisés sur demande et les intervenants auront la possibilité de se déplacer dans les différents lieux souhaités. Le Escher Jugendhaus met également à disposition sa grande salle polyvalente pour réaliser ces workshops. Espérons que la deuxième édition sera également un succès et que l'idée se répande à d'autres acteurs afin de répondre aux besoins d'un maximum de jeunes !

**INFORMATIONS**

En cas d'intérêt et pour toute question concernant le projet, vous pouvez contacter :
Benvenuto Aurélia - Responsable Escher Jugendhaus
**T. :** 691 557 751 - **M. :** aurelia@crijesch.lu


**EMOTIONAL FREEDOM TECHNIQUE**

Cette technique incite à être plus conscient de ses propres émotions et à analyser leur fonctionnement afin de mieux les gérer. L'idée est de renforcer la compréhension que des besoins satisfaits provoquent du positif tandis que des besoins non satisfaits causent des émotions négatives. Les participants apprennent que dans ce cas c'est à eux de devenir actif.

***« Ce workshop m'a beaucoup aidé à savoir réduire mon stress et ma peur quand j'en aurais besoin. »***
Un participant

# Moveapproved - The guide to change

2021 hunn déi Jonk vu *move*, dem Jugendgrupp vum Mouvement Écologique, e Projete gestart un deem si laang geschafft haten: moveapproved.lu den éischten Online-Guide mat Adressen, déi ee besonnesche Fokus op Nohaltegkeet leeën zu Lëtzebuerg. Nodeems di éischt Adressen sech op d'Stad Lëtzebuerg konzentréiert hunn, gouf elo déi éischt Erweiderung veröffentlecht déi déi nohalteg Säit vun Esch-Uelzecht wéist.




Den Onlineguide vu move. bréngt eng ganz Rëtsch verschidden Themeberäicher zesummen déi Jonker ëmmer méi interesséieren, vu gesonder Ernierung fir Mënsch an Natur iwwer nohaltege Konsum bis hin zu soziale Froe wéi z.B. de Méiglechkeete vu Jonken an eiser Gesellschaft oder konsumfräi Raim. Mat senge 5 Kategorië Food&Drink, Activism, Culture, Free Time a Fashion deckt moveapproved.lu dës Themen of.

Säit Januar 2022 beschränkt sech de Guide net méi just op d'Stad Lëtzebuerg, mee ass pünktlech fir Esch2022 och an der Kulturhaaptstad Esch-Uelzecht disponibel. Zu den 30 Adressen an der Stad Lëtzebuerg kommen der domat dann elo 17 zu Esch derbäi. Natierlech kann doriwwer eraus nach ëmmer jidderee weider Adressen iwwer move@meco.lu erareechen.

Um Zil vum Guide huet sech och mat der Erweiderung näischt geännert. Esou läit de Fokus weiderhin dorop Adresse siichtbar ze maachen, déi a Punkto Nohaltegkeet (ekologesch a sozial) ee Virbild sinn. De Projet moveapproved bleift och weiderhi

**PARTNER GESICHT**

De Projet moveapproved.lu ass als kooperative Projet konzipéiert. Esou bedeelegt sech Fashion Revolution Luxembourg mat hirer Expertise un der Kategorie Fashion a fir all regional Erweiderung vum Projet sicht move. no lokale Jugendorganisatiounen déi interesséiert sinn hiert Wëssen iwwert déi jeeweileg Regioun anzebréngen. Op Schoul, Scouten, Jugendhaus, aner Jugendorganisatioun oder och Organisatioun mat engem speziellen thematesche Schwéierpunkt, wien Loscht huet seng Uertschaft/Regioun op de Site ze brénge kann sech einfach op **move@meco.lu** mellen.



De Partner vun der aktueller Esch Erweiderung ass d'Escher Jugendhaus. Hei schafft eng super Ekipp déi et de Jugendlechen, tëscht 11-26 Joer, erméiglecht hir Projeten ëmzesetzen. Säit 3 Joer besteet hei och de Projet „Mother Nature" zum Thema Nohaltegkeet. Am Kader vun deem Projet ass e méi ökologesche Gedanken am Jugendhaus selwer ëmgesat ginn, ënner anerem gi ganzt Joer iwwer Trash-Walking-Challenges an all de Quartiere vun Esch organiséiert, Upcycling ass en Thema, Aktivitéiten an der Natur an nach villes méi.




virun allem ee Projet vu Jonke fir Jonker, den dank der Zweesproochegkeet (Lëtzebuergesch an Englesch) engem grousse Publik zougänglech ass.

Mee och Transparenz ass ee wichtege Bestanddeel vum Projet, esou kënnen d'Richtlinnen déi sech move. fir déi 5 Kategorië festgeluecht huet ganz transparent um Site selwer nogelies ginn. Dës Richtlinne sinn d'Basis fir d'Debatten déi an de move. Versammlunge gefouert gi fir ze entscheeden, wéi eng Adresse schlussendlech um Site landen a wéi eng net. Keng Adress ass perfekt mee et gëllt déi Adressen ze würdegen, déi ee signifikanten Effort fir d'Nohaltegkeet maachen an op hier Aart a Wéis ee Virbild sinn.

Fir de Projet lues awer sécher op ganz Lëtzebuerg auszedeene plangt move. weider Updates, bei deenen ëmmer eng bestëmmten Uertschaft/Regioun oder ee bestëmmten Thema am Fokus steet. Bei den thematesche Updates wëll move. e besonnesche Fokus op Theme leeën op deene move. am Moment schafft, duerfir ass z.B. scho konkret ugeduecht een Update zur solidarescher Landwirtschaft zu Lëtzebuerg ze maachen.





# Science and Networking – E Kaffi am… Luxembourg Science Center

Déi éischt Editioun vum „E Kaffi am…", dem Networking-Event fir de Jugendsecteur, organiséiert vum Service national de la jeunesse, huet en Dënschdeg, den 22. Mäerz 2022 zu Déifferdeng am Luxembourg Science Center stattfonnt.












Bei enger Mëtsch an enger Taass Kaffi hu sech eng 50 Jugendaarbechter*innen aus Jugendhaiser a -servicer dee Mueren zesummefonnt fir sech souwuel iwwer nei Iddien a Projeten auszetauschen wéi awer och hir Strukturen ënnerteneen ze vernetzen.

Verschidde Servicer haten och d'Geleeënheet kritt fir konkret Offeren, aus de Beräicher Wëssenschaft, Technik an Ëmwelt virzestellen. Bei dëse Presentatioune gouf nach eemol ënnerstrach, wéi wichteg et fir d'Entwécklung vun engem Jonken ass, fir sech mat wëssenschaftleche Phänomener aus sengem Alldag ze beschäftegen. Den Engagement vun de Jugendaarbechter*inne fir den Domän vun de Wëssenschaften an der Technik gouf positiv ervirgehuewen, well si och déi praktesch Ëmsetzung vu wëssenschaftlechen Themen am Bléck hunn. Offeren, Aktivitéiten a Projeten, déi de Jonken op eng flott Manéier d'Naturwëssenschafte méi no bréngen, kënnen déi néideg Ureizer schafe fir datt si sech och an der Fräizäit mat der Erfuerschung vun hirer Ëmwelt beschäftegen.

Fir ofzeschléissen stoung och nach eng Visite vum Science Center um Programm. Déi verschidde Statiounen a Geräter, wou ee selwer experimentéieren a Saachen teste konnt, awer och d'Elektro-Show am grousse Sall hu fir deen een oder aneren Highlight gesuergt. De gemittleche Kader vun der Visite huet och dozou ugereegt, fir sech iwwert Projeten, déi ee selwer ausgeschafft huet, auszetauschen an Iddie fir nei Projeten ze kréien oder an Zukunft mat anere Strukturen zesummenzeschaffen.

Aktuell ass virgesinn fir pro Joer zwou Editiounen vum **„E Kaffi am…"** ze organiséieren, ëmmer op enger anerer Plaz a mat engem aneren Themeschwéierpunkt. Déi nächst Editioun wäert Enn des Joeres stattfannen, woubäi déi genee Detailer iwwert déi sozial Medie vum SNJ wäerte kommunizéiert ginn.

# « S-Team : Setz dech an ! » - Ensemble contre la violence



*Setz dech an!*

# S-Team




**Le projet en bref !**

Lancé en 2021, le but de ce nouveau projet est de contribuer à l'amélioration du vivre-ensemble dans les lycées, les écoles fondamentales et les maisons relais en responsabilisant les jeunes à leur rôle dans la prévention de la violence. Il s'agit d'une adaptation du projet « médiation par les pairs à l'école » / « Peer-Mediation im Schulalltag » qui a été, pendant plus de vingt ans, un projet incontournable dans un grand nombre d'établissements.

Les objectifs principaux du projet sont :

- Responsabiliser les enfants/jeunes en mettant en place un groupe de projet composé d'enfants ou de jeunes qui se portent volontaires pour développer et mettre en œuvre des activités autour de la thématique de la prévention de la violence et du courage civique ;
- Favoriser le courage civique en développant les compétences empathiques et sociales des enfants et des jeunes ;
- Améliorer le climat dans la structure scolaire et d'accueil et, à long terme, former de futures générations de jeunes adultes engagés et sensibles au bien-être de leurs concitoyens

Le projet est coordonné par le Service national de la jeunesse (SNJ), avec le soutien du Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) et du Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS).

**Le projet en pratique**

Après une phase de recrutement en début d'année scolaire, les jeunes qui se seront portés volontaire doivent impérativement suivre une formation de 16 heures. Dans ce « Module de base » ils apprennent, avec des méthodes de l'éducation non formelle, les notions essentielles sur la thématique de la violence et de la prévention mais aussi de l'organisation d'activités par les pairs.

Par après ils travailleront ensemble au sein d'un groupe de projet **« S-Team »** et seront incités à observer, réfléchir et réaliser des activités de sensibilisation spécifique aux besoins de leur lycée, école ou maison relais. Les jeunes qui veulent s'investir encore plus peuvent participer à un module de spécialisation « médiation par les pairs » de 16 heures supplémentaires où ils apprennent le concept ainsi que les techniques de la médiation par les pairs.

Le groupe de projet sera encadré par des éducateurs et/ou des enseignants qui soutiendront les jeunes dans la réalisation de leurs activités de prévention. La méthode de l'éducation par les pairs est un élément central de ce nouveau projet.

**Comment devenir partenaire?**

Les structures souhaitant mettre en place ce projet sont invitées à s'inscrire via le site **www.s-team.lu.** Les responsables des structures désignent une équipe de professionnels chargée d'encadrer le projet **„S-Team : Setz dech an !"** au sein de leur établissement. Ces professionnels bénéficieront ensuite de formations leur apportant les informations nécessaires à la mise en œuvre de ce projet, ainsi que des méthodes et outils pour accompagner adéquatement les jeunes au sein du groupe de projet **« S-Team » .**

**VOUS DÉSIREZ DAVANTAGE D'INFORMATIONS ?**

Pour plus d'informations n'hésitez pas à contacter la coordinatrice du projet au SNJ, Tania Matias par courriel : **tania.matias@snj.lu** ou par téléphone au 247-86477 ou visiter le site **www.s-team.lu**.

**La S-TEAM, c'est quoi ?**

Scannez ce QR CODE pour visualiser la vidéo explicative

# Info corner

## Reprise Babysitting.lu

Iwwer laang Joeren huet den SNJ, am Partenariat mat ARCUS, de Projet **„Babysitting.lu"** koordinéiert. Nodeems ARCUS sech d'läscht Joer als operative Partner zeréckgezunn hat wollt och den SNJ sech aus dem Projet zeréckzéien awer net ouni een neie motivéierte Coordinateur ze fannen. Mat Elisabeth – Anne ASBL gouf dësen och fonnt a säit Ufank 2022 si si elo fir de Projet zoustänneg. Mir sinn iwwerzeegt datt si de Projet nach wäerte weiderentwéckelen a wënschen hinnen dobäi vill Erfolleg.
Wann dir als Gemeng oder Jugendhaus wëllt Partner ginn oder Informatiounen zum Projet braucht da kënnt dir lech ab elo un d'Ekipp vun Elisabeth wenden.

**KONTAKT**
**M. :** babysitting@elisabeth.lu

## Echwellechkann.lu

D'Plattform wou déi Jonk nei Aktivitéiten, Engagementsofferen a Projetsiddie kënne fannen! Wann dir als Struktur/Organisatioun selwer eng Offer fir Jonker hutt da setzt se an eisen Annuaire, dat iwwer d'Rubrik Partner / Espace Partenaire oder eise Kontaktformulaire.




## Mir ginn eraus

Dës Publikatioun, erauskomm an der Serie **„Dossier de l'animateur"**, riicht sech virun allem un Animateuren mee net nëmmen. Jiddereen dee Fräizäit-Aktivitéiten an der Natur an am Besch organiséiert, fënnt hei Äntwerten wéi een dëst am Aklang mat der aktueller Gesetzgebung an natierlech och am Respekt vun der Natur ka maachen. Niewent Informatiounen zu de verschiddene Liewensraim an Déieren am Bësch fënnt een awer och nach konkret Iddien fir Aktivitéiten an der Natur.

D'Publikatioun ass hei als PDF ze fannen:



## Cinqfontaines devient un centre commémoratif et éducatif

Annoncée en juillet dernier, la reprise de la gestion de l'ancien couvent de Cinqfontaines par le SNJ a pris effet le 1er janvier 2022. Conformément à l'accord signé par l'Etat avec la Communauté Juive en janvier 2021, le nouveau centre sera dédié à la mémoire de la Shoah au Luxembourg et à la promotion des Droits de l'Homme.
En-dehors de la gestion du centre, le SNJ développera, en collaboration avec le ZpB (Zentrum fir politesch Bildung), des programmes d'activités éducatives dans les domaines susmentionnés. L'équipe pédagogique est en train de se constituer et les premiers projets verront le jour au cours de cette année. En attendant un projet de rénovation en profondeur du centre, des travaux de rénovation en vue d'une utilisation provisoire ont déjà commencé.

## Nous avons besoin de votre opinion !

Vous tenez entre vos mains la dixième édition du **« Youthmag ».** Afin d'améliorer davantage sa qualité et dans le but de livrer des éditions qui répondent aux exigences, besoins et intérêts de nos lecteurs, nous vous mettons à disposition ce sondage, où vous pouvez nous faire part de vos commentaires et envies.

## BEE SECURE Radar 2022

Le SNJ, coordinateur de l´initiative gouvernementale BEE SECURE, a publié le tout premier rapport sur les tendances actuelles de l'utilisation des technologies de l'information et de la communication (TIC) par les jeunes au Luxembourg. Afin de pouvoir suivre les évolutions en matière d'utilisation des TIC et de risques y liés, ce rapport annuel, intitulé **« BEE SECURE Radar »**, documente les observations réalisées par BEE SECURE au cours de ses activités pendant l'année scolaire 2020-2021. Il repose également sur les résultats d'enquêtes menées auprès des parents sur l'utilisation des TIC par leurs enfants, et auprès des jeunes (17-30) ans sur leur propre utilisation des TIC. Les questions portaient à la fois sur le type et la durée d'utilisation des appareils numériques et sur l'évaluation et l'expérience des risques et des dangers. Ces enquêtes indiquent certaines tendances pour trois groupes d'âge.

## Deng Zukunft - Däi Wee 2022 - Un grand succès

Organisée par le SNJ et le Point Info Jeunes Esch cette bourse aux informations et contacts est le rendez-vous au niveau national pour les jeunes qui veulent saisir les opportunités s'offrant à eux, que ce soit en tant qu'étudiant, apprenti ou volontaire.La sixième édition de la bourse s'est tenue le 16 février au Belval Plaza Shopping Center et avec environ 2.000 visiteurs et 50 stands elle a été un grand succès. La prochaine édition se tiendra en février 2023. Pour rester informé, veuillez suivre les profils sociaux de la foire @dengzukunftdaiwee FB/INSTA

Pour avoir une impression authentique de l'événement vous pouvez regarder notre aftermovie :

AM FOKUS

# Den SNJ sicht Freelance




**An eisen Zentre bidde mir eng Panoplie u Gruppenaktivitéite fir Kanner a Jugendlecher un. Dës gi gréisstendeels net vun haaptamtlechen SNJ-Mataarbechter mee vun eise sougenannte „Freelance" encadréiert. Fir där grousser Demande no dësen Aktivitéite kënne gerecht ze ginn, siche mir iwwer dat ganzt Joer ewech no Jonken déi eis Freelance-Ekipp wëlle verstäerken.**

De Freelance-System existéiert scho säit enger Rëtsch Jore beim SNJ a gëtt ëmmer weider ausgebaut. Et ass och net just eng einfach Jobopportunitéit ma eng pedagogesch Offer fir sech. Mir wëllen domat Jonken d'Méiglechkeet gi fir éischt Erfarungen am Beräich vun der non-formaler Bildung ze sammelen, grad esou wéi mir et och scho mat der Animateursformatioun maachen.

Melle kënnen sech Jonker ab 18 Joer, woubäi ausser engem Éischt-Héllefs-Cours keng spezifesch Virkenntnesser néideg sinn. Jiddereen dee Spaass drun huet nei Saachen ze léieren a mat Kanner a Jugendlechen ze schaffen ass wëllkomm. Iert ee mat dem spezifeschen Deel vun der Formatioun kann ufänken, muss all zukünftege Freelance un enger **„Journée d'introduction"** Deel huelen. Uschléissend kann een sech da fir eng, oder awer och méi, Spezialisatiounen entscheeden. Dës verdeele sech op fënnef ganz verschidden Themegebidder:

- ✓ **Kreativitéit erliewen** (Aktivitéite ronderëm nei Technologien: Bitzen, Coding, Design, 3D Drock)
- ✓ **Medien erliewen** (Aktivitéite ronderëm Film, Schauspill an aner Medien)
- ✓ **Natur erliewen** (Bësch, Bio-Diversitéit, Waasser, pedagogesche Bauerenhaff...)
- ✓ **Sport erliewen** (Waassersportaarten, Mountainbike, Klammen, Urban Sports)
- ✓ **Team erliewen** (Héichseelgaart, Bouschéissen, Escape-Area, Tandem Mountainbike, Team Building Park)

Als Freelance kann een seng Aarbechtszäite ganz flexibel a jee no perséinlecher Disponibilitéit andeelen. Dat mëscht dës Offer besonnesch interessant fir Studenten oder Jonker déi grad an enger Transitiounsphase sinn, woubäi mir awer och Freelance hunn déi dat nieft hirer regulärer Aarbecht maachen. Generell kann een sou op eng flott an ofwiesslungsräich Aart a Weis souwuel praktesch Erfarungen am Encadrement vu Kanner a Jugendleche, wéi och am technesche Beräich sammelen.

**VIRAUSSETZUNGEN:**

- Ab 18 Joer
- Lëtzebuergesch schwätzen a verstoe kënnen
- obligatoresche Casier néant (N° 5)
- Éischt-Héllefs-Cours (a fir Waasseraktivitéiten och e Rettungsschwëmmer-Cours)
- Eemoleg Käschte vun 100 €
- Obligatoresch Participatioun un enger Journée d'introduction

**WEIDER INFORMATIOUNEN ËNNERT:**
**erliewen.snj.lu/freelance**
**M. :** freelances@snj.lu
**T. :** (+352) 247-86496





# Interview
# Emila Krakowiak

**Kanns du dech kuerz virstellen?**
Mäin Numm ass Emila, ech sinn 21 Joer al an ech schaffe säit Oktober 2020 als Freelance. Aktuell sinn ech a mengem zweete Joer vun der Infirmiersausbildung.

**Wéi verbënns du deng Aktivitéit als Freelance mat denger Ausbildung?**
Ech kucken a menger Fräizäit sou gutt et geet bei den SNJ schaffen ze kommen. Am beschten ass et mir bis elo ëmmer an de Schoulvakanze gaangen.

**A wéi engem SNJ-Zenter bass du aktiv a wéi eng Aktivitéiten encadréiers du?**
Ech sinn haaptsächlech zu Huelmes aktiv, wou ech ënnert anerem Aktivitéite wéi **„La vie des abeilles“**, **„La forêt au fil des saisons“** oder **„De Waasserwee“** encadréieren. Dës riichte sech virun allem u méi kleng Kanner aus Maison Relaisen.

**Wat gefält dir am Beschten drun Freelance ze sinn?**
Am Beschte gefält mir, datt een seng eegen Iddien abaue kann an een eng gewësse Fräiheet huet wéi een seng Aktivitéite leeden an duerchféiere wëll. Ech fannen et och flott mat Kanner ze schaffen an hinnen nei Saache bäizebréngen, déi si sou nach net an hirem Liewe gesinn hunn. En plus ass et fir mech als Studentin eng flott Aarbecht well ee flexibel kann entscheede wéini ee schaffe kënnt.

**Freelance ze si bedeit fir mech...**
... Kreativitéit auszeliewen a meng Passioun u Kanner a Jugendlecher weiderzeginn.

# Interview
# Benoît Kirschen

**Kanns du dech kuerz virstellen?**
Mäin Numm ass Benoît Kirchen, ech studéieren zu Freiburg a sinn do dernierft säit engem Joer als Freelance aktiv. Als Chef bei de Bouneweger Scouten konnt ech och well vill Erfarung an der Animatioun sammelen.

**Wéi verbënns du däin Job als Freelance mat dengem Studium?**
Als Freelance beim SNJ kann een, jee nom Besoin vum SNJ a sengen eegenen Disponibilitéiten, entscheede wéini ee schaffe wëll. Wann een nach studéiert oder soss eng aner Aktivitéit huet ass dat natierlech ideal. A mengem Fall kann ech wärend de Vakanzen an de virliesungsfräien Zäiten Aktivitéite vum SNJ encadréieren.

**A wéi engen SNJ-Zentre bass du aktiv a wéi eng Aktivitéiten encadréiers du?**
Ech sinn am Mariendall aktiv wou ech all d'Aktivitéite vum Beräich **„Team erliewen“** encadréieren. Dozou gehéieren Héichseelgaart, Team-building, Tandem-Mountainbike, Escape Area, Bouschéissen a Mariendall-Expeditioun. Awer och op der Base Nautique vu Lëltz sinn ech am Beräich **„Sport erliewen“** aktiv. Do encadréieren ech Wasseraktivitéiten ewéi Kayak oder Stand-Up-Paddle.

**Wat gefält dir am Beschten drun Freelance ze sinn?**
De Kontakt mat de Gruppen, d'Schaffen ënnert fräiem Himmel, d'Dynamik déi een huet well ee stänneg aktiv ass, d'Zesummenaarbecht mat sengem Binôme (well een ëmmer zu zwee d'Gruppen encadréiert), déi genial Ambiance déi et an der Freelance-Ekipp gëtt an eis immens disponibel an hëllefsbereet Responsabel!

**Freelance ze si bedeit fir mech...**
... Deel vun enger dynamescher a jonker Ekipp ze sinn, déi duerch flott a sënnvoll Aktivitéiten de Jugendlechen (an och Erwuessenen), déi bei eis kommen, Freed an Energie mat op de Wee gëtt.



Offre de l'Agence Nationale pour l'Information des Jeunes

European Youth Card
Carte Jeunes Européenne

#cartejeuneslu

# TU AS ENTRE 12 ET 30 ANS ?

## LA CARTE JEUNES EUROPÉENNE EST FAITE POUR TOI !


**1** carte

**38** pays

des **MILLIERS** de réductions



**Avec l'application tu l'as toujours avec toi !**



## LE PLEIN D'AVANTAGES

- shopping
- restauration
- santé & beauté
- sport
- voyages
- hôtels
- loisirs
- éducation
- services

## 4 BONNES RAISONS D'AVOIR UNE CARTE JEUNES

Profite de supers avantages dans **tes boutiques et tes endroits préférés**

Découvre des **activités intéressantes à faire au Luxembourg**

Découvre l'Europe et profite de **milliers d'avantages dans 38 pays**

Voyage en toute tranquillité avec **l'assurance Europ Assistance**

**Informations et commande sur www.cartejeunes.lu**